

Sommaire

1. Ouverture de la séance publique

M. Claude Wiseler, Président

p. 32

2. 8458 – Projet de loi portant modification :

1^o de la loi modifiée du 12 septembre 2003 relative aux personnes handicapées ;

2^o de la loi modifiée du 28 juillet 2018 relative au revenu d'inclusion sociale

p. 32

Rapport de la Famille, des Solidarités, du Vivre ensemble, de l'Accueil, de l'Égalité des genres et de la Diversité : Mme Mandy Minella

Discussion générale : Mme Nathalie Morgenthaler | Mme Claire Delcourt (dépôt de la résolution 1) | M. Dan Hardy | Mme Djuna Bernard | M. Sven Clement | M. Marc Baum

Prise de position du Gouvernement : M. Max Hahn, Ministre de la Famille, des Solidarités, du Vivre ensemble et de l'Accueil

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8458 et dispense du second vote constitutionnel

Résolution 1 : Mme Mandy Minella | M. Marc Spautz | M. Sven Clement | Mme Claire Delcourt

Vote sur la résolution 1 (rejetée)

3. Discours de M. le Président

p. 36

M. Claude Wiseler, Président | M. Marc Spautz | Mme Elisabeth Margue, Ministre déléguée auprès du Premier ministre, chargée des Relations avec le Parlement

Présidence : M. Claude Wiseler, Président

Au banc du Gouvernement : M. Max Hahn, Mme Martine Deprez, Mme Elisabeth Margue, Ministres

(La séance publique est ouverte à 14.00 heures.)

1. Ouverture de la séance publique

M. Claude Wiseler, Président | Ech maachen d'Sëtzung op.

2. 8458 – Projet de loi portant modification :

1^o de la loi modifiée du 12 septembre 2003 relative aux personnes handicapées ;

2^o de la loi modifiée du 28 juillet 2018 relative au revenu d'inclusion sociale

Als éischten an eenzege Punkt vun eisem Ordre du jour vun haut de Mëtte steet de Projet de loi 8458 iwwert d'Erhéijung vum REVIS souwéi vum RPGH, dem Revenu pour personnes gravement handicapées. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht an deemno follgendermoossen opgedeelt: D'Rapportrice huet 10 Minutten, déi jeeweileg Fraktiounen a Sensibilitäten hu 5 Minutten an d'Regierung huet 10 Minutten. Et hu sech schonn ageschriwwen: d'Madamm Nathalie Morgenthaler, d'Madamm Claire Delcourt, den Här Dan Hardy an d'Madamm Djuna Bernard. An elo huet d'Rapportrice vum Projet de loi d'Wuert, déi honorabel Madamm Mandy Minella, Madamm Minella, et ass un Iech.

Rapport de la Commission de la Famille, des Solidarités, du Vivre ensemble, de l'Accueil, de l'Égalité des genres et de la Diversité

Mme Mandy Minella (DP), rapportrice | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, lescht Woch hu mer d'Erhéijung vum soziale Mindestloun ëm 2,6 % gestëmmt, fir en un d'Lounentwécklung unzupassen. De Gesetzesprojet 8458 ass parallel zu dëser Erhéijung unzegesinn, well déi selwecht Upassung fir de Revenu d'inclusion sociale, also de REVIS, an de Revenu pour personnes gravement handicapées proposéiert gëtt. Esou soll een ze groussen Ecart tëschent dëse Revenuen an dem soziale Mindestloun evitéiert an déi vulnerabelst Persounen an eiser Gesellschaft ënnerstëtzt ginn.

Nieft dem Staatsrot, deen a sengem Avis keng Remarken zum Projet de loi formuléiert huet, goufen nach d'Avisen vun der CNPD, déi keng Punkte relativ zum Datteschutz identifizéiert huet, der Chambre des Salariés, der Chambre des Fonctionnaires et Employés publics an dem Conseil supérieur de certaines professions de santé agereecht. Alleguer hu se an hiren Avisen hiren Accord zu dësem Gesetzesprojet formuléiert.

Domadder schléissen ech dann och dee kuerze Rapport of a soen alleguer de Memberen aus der Familljekommissioun Merci fir d'Zesummenaarbecht. Am Nimm vu menger Fraktioun ginn ech den Accord fir dëse Gesetzesprojet a soe Merci fir d'Opmierksamkeet.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Voilà, am Nimm vun also alleguer de Leit hei e grouse Merci fir dee schrëftlechen a fir dee mëndleche Rapport.

Déi éischt ageschriwwen Riednerin ass d'Madamm Nathalie Morgenthaler.

Discussion générale

Mme Nathalie Morgenthaler (CSV) | Merci, Här President. Nodeems mer d'lescht Woch dann hei eng Erhéijung vum Mindestloun – dat ass jo scho gesot ginn – ëm 2,6 % gestëmmt hunn, ginn dann haut hei och de REVIS an den RPGH ëm dee selwechte Prozentsaz no uewen ugepasst. Et handelt sech heibäi net ëm e gesetzlechen Automatismus, mee et ass eng politesch Entscheedung, dat ze maachen. An déi Entscheedung ass och absolutt noutwendeg, well mer domadder all deene Leit, déi et am néidegsten hunn, ënnert d'Äerm gräifen.

Dës Upassung, déi och am Koalitiounsaccord steet, trëtt ab dem éischte Januar 2025 a Kraaft an ass grad an dësen Zäite wichteg a richtig. Als CSV ass eis awer och gläichzäiteg bewosst, dass een och nach u ville weidere Schrauwe muss dréinen – kann a muss dréinen, jo – fir d'Aarmut verstärkt ze bekämpfen. Dës Koalitioun huet och schonn domadder ugefaangen – ech zitieren nëmmen den Entlaaschtungspak als Beispill – an dës Koalitioun wäert och weiderfueren, d'Sozialpolitik nach weider ze verbessern. Dofir wäerte mer dësem Text natierlech eis Zoustëmmung ginn.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Madamm Morgenthaler. D'Madamm Claire Delcourt ass un der Rei. Madamm Delcourt.

(Interruption et hilarité à propos de la tenue vestimentaire de Mme Delcourt)

Mme Claire Delcourt (LSAP) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, natierlech wëllen och mir vun der LSAP net, dass sech den Ecart tëschent dem Mindestloun an dem REVIS oder dem Revenu fir Persounen mat engem schwéieren Handicap vergréisert. Nodeems mir d'lescht Woch schonn d'Upassung ëm 2,6 % vum Mindestloun hei an der Chamber gestëmmt hunn, wäerte mir haut déi selwecht Upassung natierlech och fir d'Montante vum REVIS a fir den RPGH matdroen.

Fir eng Persoun mat geréngem Akommes kann och eng kleng Hausse schonn e groussen Ënnerschied maachen. Mee mir dierfen awer net vergiessen, dass d'Montante vum REVIS an och vum RPGH och mat der virleiender Upassung nach ënnert dem Referenzbudget leien, fir dezent liewen ze kënnen, an och ënnert der Aarmutsrisikogrenz.

Eng gerecht sozial Inklusioun a gesellschaftlech Participatioun ka mat den aktuelle Montanten deemno net ëmmer garantéiert ginn. Zu Lëtzebuerg sinn 19 % vun den Awunner vun Aarmut bedrot a bei den Alengerziende sinn et 43 %, déi ënnert der Aarmutsrisikogrenz liewen. Dat sinn dramatesch Zuelen! An dat sinn Zuelen, déi net selten d'Schicksal vu Persounen spigelen, déi zwar gäre schaffe wëllen, mee net schaffe kënnen, well se keng Aarbecht fannen oder opgrond vun engem Handicap net kënnen schaffen. Si sinn dofir vum REVIS oder vum RPGH ofhängeg a sinn objektiv gesinn zwar Deel vun eiser Gesellschaft, mee fille sech trotzdeem ganz oft ausgeschloss.

Jo, um Niveau vum REVIS ass an de leschte Jore scho vill geschitt. A mir hunn zu Lëtzebuerg zousätzlech zum REVIS an zum RPGH jo och nach eng ganz Rei Avantages en nature an aner Aiden. Dat war e ganz wichtige Schrëtt an dat kann een och roueg ervirhiewen.

Mee mir wëssen och, dass net jiddereen, deen eng Hëllef zegutt hätt, och tatsächlech vun hir profitéiert. An et dierf een och net vergiessen, dass et hei ganz grondleeënd ëm Gerechtegkeet geet, ëm d'Fro, wéi vill déi, déi weening hunn, vum Wuelstand vum Land profitéieren dierfen. Wann déi Räich ëmmer méi räich ginn, während et deenen Äermste ganz oft iwwer Generatiounen ewech net geléngt, aus hirer benodeelegter Situatioun erausgekommen, da leeft eppes schief. Da brauche mir eng méi breet Diskussioun iwwer eis Grondsécherung.

Dass et ëmmer nees virkënn, dass alengerziend Mammen a Pappen, déi de REVIS bezéien, fir hir Kanner keng Plaz an enger Crèche oder Maison relais kréien, well se jo net schaffen an dofir keng Prioritéit hunn, a gläichzäiteg net kënnen schaffe goen, well se jo keng Kannerbetreuung hunn, weist och ganz kloer, dass eng Upassung vun de Montante vun den Hëllefem zwar wichteg ass, mee eleng net duergeet, fir all déi bestoend Problemer ze léisen. Et muss een dat ganz Bild an de Bléck huelen a kucken, wéi een deene Leit am Land, déi weening hunn, an och hire Kanner reell Perspektiven an dezent Liewenskonditiounen bidde kann.

Här President, Léif Kolleeginnen a Kolleegen, aktuell si mir net derbäi, eis europäesch Ziler fir 2030 fir d'Reduktioun vun der Aarmut ze erreechen. D'Prekaritéit, déi vill Mënsche bedrot, gëtt ëmmer méi visibel an ëmmer méi Leit liewen a relativer Aarmut, an dat,

obwuel si schaffen oder Ennerstützungsgehälter a Form vum REVIS oder vum RPGH kréien.

D'LSAP ass dofir der Meenung, dass een déi kommand Diskussiounen iwwert d'Ëmsetzung vun der europäescher Mindestloundirektiv notze sollt, fir d'Sujete vum Mindestloun vum REVIS a vum RPGH breet hei am Haus ze thematiséieren. Ech erlabe mir dofir, Här President, eng Resolutioun an dësem Sënn ze deposéieren. Wannechgelift.

Résolution 1

La Chambre des Députés,

– considérant que le Gouvernement a déclaré, aux termes de l'accord de coalition, la lutte contre la pauvreté comme « priorité absolue » et tenant compte du fait que l'accord de coalition 2023–2028 dispose : « La lutte contre la pauvreté devra être poursuivie de manière continue afin de soutenir les ménages à faible revenu et ceux en situation de précarité. Dans cet esprit, le revenu d'inclusion sociale (REVIS) et le revenu pour personnes gravement handicapées (RPGH) seront, tout comme le salaire social minimum (SSM), régulièrement adaptés en fonction de l'évolution du niveau moyen des salaires » ;

– tenant compte de la nouvelle législation européenne sur les salaires minimums, qui prévoit que chaque pays de l'Union européenne devra garantir un salaire minimum légal national assurant un niveau de vie décent ;

– considérant que la Chambre des Députés a déclaré, lors de la séance plénière du 12 décembre 2024, que le sujet de l'adaptation de la législation nationale relative au salaire social minimum, en vue de se conformer aux exigences européennes, sera examiné par la Commission du Travail prochainement ;

– tenant compte de la volonté de la Chambre des Députés d'éviter l'élargissement de l'écart entre le salaire social minimum et les revenus de soutien aux personnes les plus vulnérables de notre société, en veillant à l'adaptation concomitante des taux du REVIS et du RPGH à l'augmentation du salaire social minimum ;

– tenant compte de l'évolution du taux de risque de pauvreté, auquel sont, entre autres, particulièrement exposées les personnes bénéficiant du REVIS, du RPGH ou percevant le salaire social minimum,

décide

– que la Commission du Travail abordera la question de l'adaptation de la législation nationale relative au salaire social minimum, en vue de se conformer aux exigences européennes, conjointement avec la Commission de la Famille, des Solidarités, du Vivre ensemble, de l'Accueil, de l'Égalité des genres et de la Diversité, dans le but de concevoir un concept global autour du salaire social minimum et des revenus de remplacement ;

– de saisir cette occasion pour aborder des questions fondamentales de justice sociale, notamment celles du montant qui devraient atteindre le salaire social minimum, le REVIS et le RPGH, afin de garantir à leurs bénéficiaires une part équitable de la prospérité nationale et surtout de leur permettre de vivre une vie dans la dignité.

(s.) Claire Delcourt, Djuna Bernard, David Wagner.

M. Claude Wiseler, Président | Merci.

Mme Claire Delcourt (LSAP) | Wéi gesot, d'LSAP ass der Meenung, dass et wichteg ass, bei der Upassung vum Mindestloun d'Verhältnis zum REVIS an zum RPGH vun Ufank u matzedanken. D'Zil muss et sinn, alle Mënschen hei am Land dezent Liewenskonditiounen ze bidden, an dofir menge mir, dass et net gutt wier, de Mindestloun ze adaptéieren, ouni och gläichzäitig iwwert de REVIS an den RPGH ze schwätzen. Mir proposéieren dofir, dass de Sujet vun der Mindestloundirektiv an Zukunft an engem Commission

jointe vun der Aarbechts- an der Familjekommission sollt behandelt ginn, mam Zil, e Gesamtkonzept ronderëm de Mindestloun an d'Ersatzgehälter opzestellen.

Dat gesot, wëll ech dann nach eemol drun erënneren, dass d'LSAP de virleiende Gesetzesprojet, wéi gesot, ennerstëtze wäert, a soen Iech villmools Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Madamm Delcourt. Dann ass d'Wuert fir den Här Dan Hardy. Här Hardy.

M. Dan Hardy (ADR) | Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, nodeems de soziale Mindestloun ëm 2,6 % an d'Luucht gaangen ass, gëllt déi wichteg Upassung och fir REVIS-Empfänger respektiv fir Leit, déi de Revenu pour personnes gravement handicapées kréien. Mir sinn absolut dofir an droen dat natierlech mat, och wann eis déi Adaptatiounen als ADR net wäit genuch ginn.

An hiren Avisen invitéieren d'Berufschamber vun de Fonctionnaires an effentlechen Employéë gradewéi d'Chambre des Salariés d'Regierung, de Kampf géint d'Aarmut ze verstärken an de Beträffenden en dezent Liewen ze erméiglechen, andeems d'Montante vu béide Revenue weider no uewen ugepasst ginn.

Der ADR no bitt de REVIS eng grondleeënd Existenzsicherung, déi am Kampf géint d'Aarmut a sozial Ausgrenzung hëllef kann. Mir bleiwen awer der Iwwerzeugung, dass et mam REVIS eleng net gedoen ass. De Staat ass weider an der Pflicht, deene sozial méi schwache Leit ze hëllefen an och duerch eng sozial Preventivpolitik mat geziilte Moossnamen dem Aarmutsrisiko entgéintzewierken. Et ass traureg, dass hei zu Lëtzebuerg, laut Statec, méttlerweil ronn e Fënneftel vun der Populatioun vum Aarmutsrisiko beträff ass.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de massiven onkontrolléierte Wuesstem huet d'Land vill kascht a vill Problemer verursaacht. Ech erënneren dorunner, dass déi héich Wunnpräisser d'Haaptursach vun der Aarmut zu Lëtzebuerg sinn. Dat ass dann och en Haaptgrond, firwat mir an der Europäescher Unioun bei de sougenannte Working Poor quasi Spëtzereder sinn.

Fir eis als ADR steet fest, dass keng betraffe Famill a keen Elterendeel an d'Aarmut falen däerf, well een oder méi Kanner am Stot sinn. D'finanziell Belaaschtung duerch Kanner däerf keen Aarmutsrisiko duerstellen! Mir hu schonn eng Rei Moossname presentéiert, déi engem Stot oder alengerzéienden Elteren ënnert d'Äerm gräifen, dorënner d'Elteregeld, dat de Familljen Alternative bitt, fir hiert Zesummeliwwen no hirer Virstellung ze organiséieren.

Här President, ech komme schonn zum Schluss. Fir d'ADR muss ëmmer d'Haaptzil sinn, fir d'Leit aus der Aarmut erauszubegleeden, dass si esou séier wéi méiglech nees e vu Sozialleeschungen onofhängegt Liewe féiere kënnen. D'Hausse vum REVIS geet fir eis an déi richteg Richtung. Dofir droe mir dës Gesetzprojet mat, och wann dat eiser Meenung no, wéi gesot, net duergeet.

Ech soen Iech Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Hardy. D'Madamm Djuna Bernard.

Mme Djuna Bernard (déi gréng) | Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, och wann et just eng kleng Gesetzesuppassung ass, déi eng logesch, mee natierlech och eng staark noutwendeg Suite ass vun der Mindestlounerhéijung, ass awer eppes wichteg:

Laut dem CSL-Tablo stëmme mer hei de REVIS an den RPGH, dee bei 1.941 Euro mat den Allocations familiales fir en eenzelnen Erwuessene läit. De Seuil de risque de pauvreté bei där selwechter Persoun läit bei 2.518 Euro an de Budget de référence vum éischte Semester 2024 läit bei 2.496 Euro. Do leie 555 respektiv 570 Euro (veuillez lire: 577 Euro) dertëschent.

Wa mer vun Aarmutsbekämpfung schwätzen, dann ass hei eng Stellschrauf, wou onbedéngt muss ugesat ginn. D'Erhéijung, déi mer virhuelen, ass gutt an néideg, mee ob se strukturell duergeet, ass eng ganz aner Fro. Och ob de Mindestalter vu 25 Joer net misst enner Konditiounen opgehewe ginn, dat ass eng Fro, där ee sech misst widmen a par rapport zu där mer och am Kader vun der Aarmutsbekämpfung Positiounen brauchen.

Mir hunn an der Aarbechtskommission d'Theema Mindestloun um Ordre du jour, an zwar direkt elo am Januar. A well de REVIS an den RPGH net komplett lassgeléist kënnen thematiséiert ginn an d'Fro vun enger Kopplung vun dëse Montanten un de Budget de référence sech souwuel beim Mindestloun wéi beim REVIS stellt, kënnen mer d'Resolutioun nëmmen ennerstëtzen, déi d'Madamm Delcourt deposéiert huet.

A mir ginn natierlech och den Accord zu dësem Projet de loi an hoffen, dass mer d'Gesamtheit vun dëse Froen och deemnächst an zukünftege Kommissiounen nach weider kënnen diskutéieren. Ech soen Iech Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Madamm Bernard. Här Sven Clement.

M. Sven Clement (Piraten) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech verspriechen Iech, ech maachen et ganz kuerz, mee et huet ...

(Exclamations à propos de la tenue vestimentaire de M. Clement et coups de cloche de la présidence)

Dir hutt elo déi lescht Minutten hei awer eng Rëtsch Leit defiléiere gesinn – an ech si jo net aleng –, déi Chrëschtstëmmung hei an d'Chamber erabrénge. An deen heite Projet, kéint ee jo bal soen, ass e kleng Kaddo un ...

Une voix | Fuesstëmmung!

(Hilarité)

M. Claude Wiseler, Président | Sou, wannechgelift!

(Coups de cloche de la présidence)

Kommt, mir kucken, dass mer déi lescht hallef Stonn nach uerdentlech iwwert d'Bün bréngen!

(Hilarité)

Här Clement.

M. Sven Clement (Piraten) | Et kéint ee jo bal mengen, dat heite wär e Kaddo ënnert dem Beemche vun deene Leit, déi sech ganz heefeg eebe keng Chrëschtkaddoe fir hir Kanner oder fir sech selwer kënnen leeschten. A genau dat ass et, wou mer mussen usetzen.

Mir mussen Aarmut grondsätzlech bekämpfen. A grad wa mer iwwer REVIS an RPGH schwätzen, da mussen mer grondsätzlech Reformen ugoen. An ech mengen, d'Djuna Bernard huet et elo grad ganz richtig gesot: Mir däerfen dat och net lassgeléist vun de Mindestloundiskussiounen kucken. An dofir kann ech och d'Resolutioun, déi elo hei deposéiert gouf vun der Madamm Delcourt, nëmmen ennerstëtzen, well et ass wichteg, dass mer béides zesumme kucken an datt mer virun allem derfir suergen, d'Aarmut um Fong, un der Wuerzel, ze bekämpfen an net nëmmen d'Upassungen ze maachen, déi legal néideg sinn.

Villmools merci.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Clement. Dann ass et um Här Marc Baum. Här Baum, Dir hutt d'Wuert.

(Interruption et hilarité)

M. Marc Baum (déi Lénk) | Merci, Här President. Effektiv, et ass virdu scho gesot ginn: Datt hei ass en analoge Mechanismus zu deem, dee mer d'lescht Woch par Rapport zum Mindestloun votéiert hunn. An duerfir ass alles dat, wat zum Mindestloun gesot ginn ass, hei och richtig, vläicht souguer nach eng Kéier méi richtig, well déi Wäerter, iwwert déi mer hei beim REVIS a beim RPGH schwätzen, nach eng Kéier ënnert deene vum Mindestloun leien. Dat heescht, eng effektiv Aarmutsbekämpfung muss d'Fro nach eng Kéier op den Dësch bréngen, ob de REVIS, dee mer elo hunn, dat Mëttel ass, wat adaptéiert ass, oder ob een net de REVIS selwer erëm eng Kéier misst op de Leescht huelen.

Den Här Familljeminister hat eis och versprochen, datt mer déi REVIS-Etüd, déi d'Regierung gemaach huet, déi am Juli 2023, mengen ech, an der Kommissioun presentéiert ginn ass, an der Familljekommissioun nach eng Kéier drunhuelen, datt mer déi nach eng Kéier kucken an eventuell och da Léieren oder Suggestiounen, déi déi Etüd awer och huet, kënnen adaptéieren (veuillez lire: an eventuell och da Léieren oder Suggestiounen aus där Etüd kënnen matabezéien).

Ech mengen, et sinn zwee grouss Elementer, déi ee wierklech misst iwwerleeën. Dat ass de Charakter selwer vun där Hëllef, well se ass nach ëmmer remboursabel, dat heescht, et ass eng Hëllef, wou een dann och déi Sue muss zeréckbezuelen, wann een à meilleure fortune kennt. An et stellt sech d'Fro vun der Limite d'âge, déi am Moment bei 25 Joer ass: Wat ass mat deene Leit, déi tëschent 18 a 25 Joer al sinn? Wéi eng Mëttelen hu mer do, fir effektiv géint Aarmut virzegoen, respektiv mussen mer eis do net nei Moyene ginn?

Ech mengen, dat sinn alles Chantieren, déi an deenen nächste Wochen a Méint op eis duerkomme wäerten. An déi kleng Erhéijung vun 2,6 % ass sécher richtig an néideg. Mee ech mengen, et kann och just den Ufank si vun enger méi grousser Reflexioun iwwert d'Aarmutsbekämpfung zu Lëtzebuerg.

Merci.

M. David Wagner (déi Lénk) | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Baum. Dann ass d'Lëscht vun den ageschriwwene Riedner ofgeschloss.

Ech géing der Regierung d'Wuert ginn. Här Familljeminister.

Prise de position du Gouvernement

M. Max Hahn, Ministre de la Famille, des Solidarités, du Vivre ensemble et de l'Accueil | Schéine gudd Mëtteg zesummen. Virop e ganz grouss Merci der Rapportrice, dem Mandy Minella, fir hire ganz explizite schrëftlechen a mëndleche Rapport. Merci och all de Virriedner, déi mer jo hei signaléiert hunn, dass si hir breet Zoustëmmung zu deem heite Gesetzestext wäerte ginn, wat, mengen ech – ech hunn elo net allze wäit recherchéiert, ech ka vu menger bescheidener Deputéiertenerfarung erzielen déi lescht zéng Joer –, eng gewëssen Traditioun huet hei am Haus.

Et ass esou, dass et kee gesetzlechen Automatismus gëtt. Dat ass beim Mindestloun tatsächlech esou, dass een allkéier kuckt, wéi d'Lounentwécklung ass. Doropshi gëtt dann all zwee Joer de Point gemaach an da gëtt de Mindestloun deem ugepasst. An et ass awer eng Traditioun, an déi ass och am Koalitiounsaccord nach eng Kéier festgehalen ginn, dass, och

wann et kee gesetzleche Kader heifir gëtt oder keng Obligatioun, wann een dat esou wéilt nennen, en Automatismus derfir soll geschaf ginn tëscht dem REVIS an dem RPGH, déi Augmentatioun, déi mer beim Mindestloun maachen, dann och beim REVIS a beim RPGH ze maachen. Dat sinn 2,6 %, déi ausgerechent gi sinn, déi ab dem 1. Januar méi wäerte bezuelt ginn.

Et dierf een awer déi Augmentatioun vun 2,6 % méi net eenzel betruechten. Ech mengen, Dir erënnert Iech ganz gutt: Mir ware virun, mengen ech, zwou Wochen hei zesummen, wéi mer e Kriseninstrument, dat agefouert ginn ass vun der viregter Regierung am Kader vun der Energiekris – en Équivalent crédit d'impôt, deen eeben zäitbegrenzt sollt dozou dëngen, d'Kompensatioun vun den héijen Energiepräisser ze decken –, hei zesummen eestëmmeg an der Chamber och festgehalen an an d'Luucht gesat hunn. Dat wäerten nach eng Kéier 90 Euro sinn, déi derbäikomme bei déi 2,6 %, déi soss net hei derbäikommen wieren. Dat ass, mengen ech, ganz wichtig.

A wa mer vu REVIS-Bezéier schwätzen – an dat hu Virriedner richtegerweis gesot –, da schwätze mer hei vun deene sozial Schwächsten an eiser Gesellschaft. An déi mussen eng Haaptopmierksamkeit vun der Politik kréien. Dat ass dat, wat mer probéieren. A mir hu virun allem d'Feststellung gemaach iwwert déi lescht Joren, déi lescht Joerzëngte souguer, dass mer gesinn hunn: Mir hunn ëmmer erëm nei Sozialleeschungen agefouert, nei sozial Fangnetzer, déi net onbedéngt ëmmer esou genotzt ginn.

Do schwätze mer da vum Taux de non-recours des prestations sociales, wou mer ganz héich Tauxen hunn: bei der Subvention Loyer, zum Beispill, 75 % a bei der Allocation de vie chère 40 %, jeweils ganz héich Wäerter, déi eis ze bedenke ginn a wouéinst mer bis Enn d'nächst Joer wellen de Guichet social en place setzen, dee sech genau heimat beschäftegt, fir ze kucken, wéi mer de Bierger kënnen informéieren, sensibiliséieren an orientéieren. Dee wäert bis Enn d'nächst Joer en place sinn, fir där doter Missioun nozekommen.

Mir beloossen et awer net dobäi. Mir wëlle virun allem och kucken, wéi mer dann de vulnerabele Bierger dobaussen et esou einfach wéi méiglech kënnen maachen, dann och déi sozial Fangnetzer, wou et nëmme geet, automatesch ze notzen. An och dat, nieft deenen zwou Mesüeren, déi ech Iech genannt hunn, wäert dem REVIS-Bezéier och d'nächst Joer zeguttkommen.

Awer net nëmme deem, well de REVIS-Bezéier wäert d'nächst Joer eng Allocation de vie chère automatesch ausbezuelen kréien. Dat sinn all déi, déi de Revenu d'inclusion kréien. An ech kann Iech soen, dass déi lescht Joren alt 30 % bis 40 % vun all de REVIS-Bezéier, an dat sinn der 10.400 gewiescht d'lescht Joer, net d'Allocation de vie chère ugefrot hunn, se awer hätte kënnen ufroen. Dat wäert ab Januar automatesch passéieren. Dat heescht, déi Leit, vun deene mer hei schwätzen, wäerten net nëmme 2,6 % méi kréien, déi 90 Euro de Mount pro REVIS-Bezéier am Menage, souguer wann een de Complément REVIS kritt – Stéchwuert: Working Poor; dat heescht och Leit, déi just e Complément REVIS kréien, wäerten dovun profitéieren –, mee do dernieft eeben och d'Allocation de vie chère automatesch ausbezuelen kréien.

A wann ech Allocation de vie chère soen, da wësst Der, dass d'Allocation de vie chère net nëmme ab nächst Joer wäert ëm 10 % an d'Luucht gesat ginn, mee dass mer dodru gekoppelt jo och d'Energieprimm hunn; d'Energieprimm, déi net nëmme bis de Seuil vun der Allocation de vie chère geet – de Maximum, deen een also dierf verdéngen –, mee souguer

25 % driwwer, fir déi voll Energieprimm ze kréien. A mer si nach méi wäit eragaang an d'Gesellschaft: Bis 30 % kritt een nach d'Energieprimm réduite, wat dann d'Hallschent ass. A wéi gesot, déi Energieprimm ass ab nächstem Joer verdärfacht. Dat si Montante vu 600 bis 1.200 Euro, déi d'Menagen dann nach kënnen bäikréien.

Fir dass ee sech e bësse méi drënner ka virstellen, just zwee Beispiller fir Iech:

Wann Der e Stot hutt vun zwee Leit, dat heescht, zum Beispill, eng elengerzéiend Mamm mat engem Kand, déi e Revenu vu bis zu 4.000 Euro kann hunn, da wäert déi 3.000 Euro Allocation de vie chère an Energieprimm kréien, wat e Plus vu 700 Euro d'nächst Joer ass, ouni den ECI (ndlr: Équivalent crédit d'impôt), deen ech genannt hunn, an ouni déi 2,6 %.

E Stot vu véier Leit: Huele mer eng Koppel mat zwee Kanner, déi kann e Revenu hu bis zu 5.700 Euro, déi kritt da 4.300 Euro Allocation de vie chère an Energieprimm, dat ass e Plus vun 1.000 Euro.

Fir deen, deem dat elo ze séier gaangen ass – esou geet et eis jo alt alleguerten –, fir deen hu mer op fns.lu Calculateuren agefouert, wou ee sech op d'mannst elo scho fir de REVIS a fir d'Energieprimm kann ausrechnen loosse: Sinn ech eligibel oder sinn ech net eligibel? Well virun allem wann et dofir ass, bei dem REVIS fir de Complément eligibel ze sinn oder net, dann denkt ee vläicht, wann ee jo de Mindestloun verdéngt an et huet een awer e Kand doheem: „Ech verdénge jo de Mindestloun, dann hunn ech eigentlech kee REVIS zegutt.“ Dat ass en Trugschluss! Well et kann een e Complément REVIS kréien a Funktioun vun der Composition de ménage. Dofir, fir dee Calculateur, deen et um Site scho gëtt, wäerte mer och nach e bësse Promotioun maachen.

Dann hu mer nach eppes: Wa mer bei der Bekämpfung vun der Aarmut sinn, do huet natierlech de Staat eng immens wichteg Roll ze spillen. Mee ech weess, dass vill Gemengepolitiker heibanne sinn, déi och ganz engagéiert sinn, wann et drëms geet, hire Bierger an hire Gemengen och nach eng Kéier konkret ënnert d'Aerm ze gräifen. A ganz ville Gemenge gëtt et och nach eng Allocation de vie chère communale. Et gëtt der souguer, déi nennen déi anescht, mee Dir wësst, wat gemengt ass. Déi meescht Gemengen hu sech dann och orientéiert un der Allocation de vie chère, déi de Staat gëtt: Do gi si als Gemeng XY nach eng Kéier 30 % vun deem Montant, alt 40 % oder 50 % vun deem Montant leeë si nach drop, wat ech ganz gutt fannen, well domat huet ee keen administrativen Opwand. Et kritt ee vum FNS och eng Bescheinigung.

An ech hunn de Gemengeresponsablen an de leschte Wochen iwwert den FNS e Courier zoukomme gelooss mat all hire Beneficiairen aus hire Gemengen, woufir d'Leit d'ailleurs den Accord ginn hunn, wéi se dee Formulaire ënnerschriwwen hunn. Ech hunn all de Gemengeresponsablen eng Lëscht zoukomme gelooss mat all hire Residenten, déi d'Allocation de vie chère kruten, wat et eigentlech de Gemengepolitiker, an dat ass e bësse méi Wonsch derhannert, ganz einfach ka maachen, well se gesi jo: An der Gemeng XY hunn zéng Leit hei d'Allocation de vie chère ugefrot, et sinn der awer 30, déi déi national kruten. Ma dann hunn der 20 se net ugefrot, da kann ech do d'Demarchen och automatesch maachen. Dat, wéi gesot, en vue vun der Aarmutsbekämpfung, wou och déi Gemengeresponsabel eis kënnen ënnert d'Aerm gräifen an eis dobäi ënnestützen.

Virdu ass och iwwer Aarmutsbekämpfung en général geschwat ginn. Dat ass net nëmme déi monetär Basis. D'Aarmut huet ganz vill Facetten, besonnesch och all déi sozial Facteuren. Mee wa mer nach bei

deem Monetären eng Minutt wéilte bleiwen: Dir wësst, dass och ab nächstem Joer, dat hutt Der de Moien esou am Entlaaschtungspak festgehalten, de Crédit d'impôt monoparental eropgesat gëtt. Dir wësst et: Déi meescht, oder ganz vill Leit, déi Monoparentalle sinn, riskéieren, an d'Aarmut ze falen. An dofir ass de Crédit d'impôt monoparental nach eng Kéier däitlech eropgesat ginn op 3.500 Euro d'Joer.

Dir wësst, de Mindestloun ass steuerfräi ginn, deen Der d'lescht Woch och schonn ëm 2,6 % an d'Luucht gehéicht hutt.

An do dernieft, an dat ass jo e bëssen den Elefant am Raum, wa mer vun Aarmutsbekämpfung schwätzen, si mer ganz séier beim Logement. Och do huet d'Regierung schonn dëst Joer probéiert, grad an deem Beräich, wou mer wëssen, datt do déi sozial Schwächst sinn, aktiv ze sinn, an dat ass éischter am Locatif wéi an der Propriétéit. Et ass jo och scho grad do fir Eltere gekuckt ginn, dass een dem Faktor Kand nach eng Kéier sonner Rechnung dréit, soudass et fir all Kand nach eng Kéier 40 Euro an d'Luucht gesat ginn ass. Dat wëllt heeschen, dass eng Famill, also Eltere mat dräi Kanner, ka bis zu 520 Euro de Mount bei hirem Loyer bäigeluecht kréien, wat scho sub-stanziell ass, wéi gesot.

Dat, wat mir nach Kappzerbrieche mécht – an dofir och de Guichet social, deen d'nächst Joer en place wäert gesat ginn –, dat ass, dass mer esou en héijen Taux de non-recours hu bei dëser wéi awer och bei anere Sozialleeschtungen. An, léif Deputéiert, léif Frëndinnen, Kolleegen aus der Regierung, dat ass eppes, wat mir als Regierung och nach ganz aktiv wëllen ugoen.

Just nach vläicht eppes zur Energieprimm respektiv der Allocation de vie chère: Dovu wäerten 30.000 Stéit kënne Gebrauch maachen. Ech hunn Iech gesot, wat mer alles fir de REVIS decidéiert hunn, a fir den RPGH d'ailleurs och. Do si mer bei 15.000 Stéit, wou mer dann och den Automatismus wäerten hu vun der Allocation de vie chère. A wéi ech virdu gesot hunn, ass et net nëmme fir déi Beneficiairë sënnavoll, mee et ass virun allem och fir eis Manpower an eisen Office-socialle ganz sënnavoll, wann déi manner mat Paperasse beschäftegt sinn, fir Leit ze hëllefen, op Aiden opmierksam ze maachen, Formulairen auszufüllen. Well mer Saachen automatiséieren, hunn déi däitlech méi Zäit, fir sech mat hire Clienten ze beschäftegen a mat deenen ze kucken, se ze stabiliséieren an aus hirer Situation erauszekréien.

Dëst gesot, Iech nach eng Kéier e ganz grouse Merci fir Är breet Zoustëmmung. An elo schonn Iech alleguerten an Äre Familljen – als Familljeminister soen ech dat dann –, Äre Frënn, ganz, ganz schéin a besënnelech Feierdeeg!

An d'nächst Joer hu mer ganz vill Chantieren zuesammen, notament mat der Familljekommissioun, awer doriwwer eraus natierlech och hei am Haus, wou mer och konkret wäerte kucken, um Ball ze bleiwen als ganz Regierung, déi sech dat heiten als eng vun de Prioritéite gesat huet, nämlech derno ze kucken, dass et och deene Vulnerabelsten an eiser Gesellschaft gutt geet.

Ech soen Iech Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Minister. Domat wär dann d'Debatt zu dësem Projet de loi ofgeschloss.

A mir kënnen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8458 kommen. Den Text steet am Document parlementaire 8458^e.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8458 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt elo un. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration. An dann ass de Vott ofgeschloss.

D'Resultat vum Vott ass: 60 Jo-Stëmmen, keng Nee-Stëmm, keng Abstentioun. De Projet de loi ass also eestëmmeg ugeholl ginn.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Paul Galles (par Mme Nathalie Morgenthaler), Mme Françoise Kemp, MM. Marc Lies, Ricardo Marques, Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar (par M. Maurice Bauer), Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Charles Weiler (par M. Jean-Paul Schaaf), Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet ;

Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt, Gusti Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer et M. Gérard Schockmel ;

M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Closener, M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Paulette Lenert (par M. Georges Engel) et M. Ben Polidori ;

MM. Jeff Engelen, Dan Hardy, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig ;

Mme Djuna Bernard, M. Meris Sehovic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

Résolution 1

An dann ass nach eng Resolutioun vun der Madamm Delcourt deposéiert ginn. Madamm Delcourt, wëllt Dir nach eng Kéier Stellung dozou huelen?

(Négation)

Dir wëllt duerno schwätzen. Wie wëllt zu dëser Resolutioun Stellung huelen? Jo, d'Madamm Minella, den Här Spautz. Madamm Minella.

Mme Mandy Minella (DP), rapportrice | Wat de Mindestloun ugeet, wäert an der Aarbechtskommissioun driwwer geschwat ginn. A wat den zweete Punkt vun dëser Resolutioun ugeet, ass et an éischter Linn wichteg, dass mat de Sozialpartner geschwat gëtt. A wéi de Minister virdu bemierkt huet, gëtt d'Erhéijung vum REVIS a vum RPGH jo automatesch ëmmer un de Mindestloun gekoppelt. Dat steet am Koalitionsaccord. Ech gesinn do da kee Sënn an Zweck, eng Jointe ze maachen. An ech géing menger Fraktioun proposéieren, dës Resolutioun net matzestëmmen.

Une voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Madamm Minella. Här Spautz.

(Brouhaha)

M. Marc Spautz (CSV) | Här President, Dir Dammen an Dir Hären, léif Frënn, mir haten eng Diskussioun heibannen ...

M. Claude Wiseler, Président | Wannechgelift!

M. Marc Spautz (CSV) | Mir haten eng Diskussioun heibanne bei der Erhéijung vum Mindestloun, wou den Här Haagen eng Motioun eraginn huet, dass mer géife kucke beim Mindestloun, dat och un d'Mindestloun-Direktiv kënnen unzepassen, dass mer iwwert déi Seule géife schwätzen. Dozou hu mer eis engagéiert. Dat wäerte mer och maachen an der Aarbechtskommissioun, wou zwee Datumen och scho feststinn, dee vum 8. Januar an dee vum 29. Januar, well dat jo och e Bestanddeel ass vum Mindestloun, wat an der EU-Direktiv draasteet.

Dofir géif ech Iech bidden, an dat musst Der och verstoën, dass et elo e bësse fréi ass, fir schonn ze soen: „Kommt, mir maachen eng Jointe!“, mee dass mer fir d'éischt de Punkt vum Mindestloun sollt klären. An do ass et, wéi d'Madamm Minella elo grad gesot huet: De REVIS ass dodru gekoppelt. Mee da sollt mer fir d'éischt déi eng Diskussioun ofschléissen. An ech hunn och Vertrauen an déi Wieder vum Här Hahn, deen als Familljeminister gesot huet – en ass jo amgaange mam Aarmutsprogramm, dem Programm, fir d'Aarmut ze bekämpfen –, dass dat jo och nach eppes ass, wat dodran ass. A wann een dann nach Besoine sollt feststellen, kann een dat dann nach ëmmer maachen, mee et ass de Moment ze fréi.

An dofir roden ech menger Fraktioun, d'Resolutioun net ze stëmmen. Villmools merci.

Une voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Spautz. Sinn nach aner Wuertmeldungen do? Här Clement.

M. Sven Clement (Piraten) | Merci, Här President. Bon, et ass vläicht dat üblecht Spill. D'Oppositioun proposéiert eppes, d'Majoritéit fënnt et net esou gutt.

Plusieurs voix | O!

M. Sven Clement (Piraten) | Ech fannen awer, datt et sech hei e bëssen einfach gemaach gouf, well virun allem den zweete Punkt vun der Resolutioun drop ageet, datt mer eebe grad déi fundamental Problemer vum REVIS a vum RPGH missten thematiséieren. An déi sinn net vu gëschter, dat ass och net d'Schold vun enger eenzeger Regierung, dat ass eppes, wat iwwer Joren, Joerzëngten, gewuess ass a wou mer einfach feststellen, datt et net méi duergeet, ob dat elo d'Alterslimite sinn, ob dat d'Seule sinn. Dat sinn einfach, an dofir steet et och dran, fundamental Problemer, déi ee sollt ugoen, an dat ass och net einfach nëmme nieft dem Mindestloun ze kucken. An dofir denken ech, datt een dat do scho soll zesumme kucken, an dofir wäerte mir dat heiten och weiderhi matzestëmmen.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Clement. Ass nach eng aner Wuertmeldung do? Dat ass net de Fall. Da géing ech der Madamm Delcourt d'Wuert ginn.

Mme Claire Delcourt (LSAP) | Jo, merci, Här President. Jo, ech hat am Fong geduecht, dat hei wär esou eppes, wat net esou vill verlaangt wier. An ech hunn och e bëssen d'Gefill, a menger Ried hat ech dat geduecht, ech hätt d'Punkte wierklech kloer opgezielt, firwat mer déi heite Resolutioun ofginn hunn.

Ech mengen, et gouf och elo schonn e puermol gesot: Mir schwätzen iwwert de Mindestloun. Ok. De Referenzbudget ass awer trotzdem nach ëmmer kleng. Dat huet jo och d'Chambre des Saliéris ganz kloer gewisen an hirem Tablo. Et wär am Fong d'Iddi gewiescht, wierklech einfach zesummen op de Wee ze goen, doriwwer ze schwätzen, eng Léisung ze fanne fir jiddereen an net just fir déi, déi de Mindestloun kréien.

Mee gutt, et kann een natierlech elo soen: „Ok, mir kucken dat zu engem spéideren Zäitpunkt.“ D'Iddi war et, hei einfach vun Ufank un u Bord gewiescht ze sinn. Mee bon, ech huelen dat dann zur Kenntnis.

Une voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Madamm Delcourt. Vu datt weider keng Wuertmeldung do ass, géing ech dann dës Resolutioun zum Vott stellen.

Vote sur la résolution 1

De Vott fänkt un. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration. An de Vott ass ofgeschloss.

D'Resultat vum Vott ass: 25 Jo-Stëmme bei 35 Nee-Stëmme a kenger Abstentiuon. Dës Resolutioun ass also mat 35 Nee-Stëmme géint 25 Jo-Stëmme ofgeleent.

Ont voté oui : M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Closener, M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Paulette Lenert (par M. Yves Cruchten) et M. Ben Polidori ;

MM. Jeff Engelen, Dan Hardy, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig ;

Mme Djuna Bernard, M. Meris Sehic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ont voté non : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Paul Galles (par Mme Nathalie Morgenthaler), Mme Françoise Kemp, MM. Marc Lies, Ricardo Marques, Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar (par M. Maurice Bauer), Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Charles Weiler (par Mme Stéphanie Weydert), Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet ;

Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt, Gusti Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer (par M. André Bauler) et M. Gérard Schockmel.

3. Discours de M. le Président

Léif Kolleeginnen, Léif Kolleegen, mir sinn um Enn vun der leschter öffentlecher Sëtzung vun dësem Joer ukomm. Dat Joer ass schnell gaangen, hat ech op jidde Fall d'Impressioun. Ech profitéiere vun der Occasioun, fir Iech zwee Gedanken mat op de Wee an déi Feierdeeg hei ze ginn.

Deen Éischten ass: Mir haten an deene leschte Méint vill auslännesch Gäscht hei, aus China, aus villen anere Länner. A mir hate vill Diskussiounen mat hinnen. Mir hunn d'Geleeënheet gehat, hiren Erklärungen nozelauschteren. Mir haten och d'Geleeënheet, eis Positiounen ze explizéieren.

Wat mir opgefall ass an den Diskussiounen mat allen eise Gäscht, ass, datt mer gesot kruten, datt Lëtzebuerg ënner anerem fir Stabilitéit géif stoen, politesch Stabilitéit, institutionell Stabilitéit. A wann ech kucken, wat an eisen Nopeschlänner lass ass, an der Belsch, Frankräich, Däitschland, wou momentan keng Regierung oder zumindest keng handlungsfäeg Regierung ass, da fannen ech, datt déi Ausso richtig ass. Eis Demokratie zu Lëtzebuerg funktionéiert, wien och ëmmer an der Majoritéit ass a wien och ëmmer zu enger gegebener Zäit an der Oppositioun ass.

Mir fannen dat alleguer heibannen normal, datt et funktionéiert. Mee mir gesi ronderëm eis, datt dat Normalst am Fong net méi ëmmer iwwerall normal

ass. Dofir wëll ech Iech am Fong Merci soen, datt bei all deenen Desaccorden, deene Meinungsverschiedenheeten, déi mer an den Diskussiounen, déi mer mateneen hunn, kënnen ausdrécken, bei alle Parteien, wéi mer heibanne sëtzen, awer ee Konsens besteet, an dee Konsens ass, datt stabil Institutionen fir d'Demokratie a fir d'Grondfräiheeten eng Viraussetzung sinn. Dat ass haut net méi iwwerall normal. An ech si wierklech dankbar, datt dat hei an dësem Sall als eng Normalitéit consideréiert gëtt.

Dat Zweet ass, ze soen, datt d'Kredibilitéit vun eiser Institution nëmme da kann oprechterhale ginn, wann d'Institution et och fäerdegbréngt, sech ze moderniséieren an der Zäit unzepassen. Ech muss soen, mir hunn zesummen an deem leschte Joer viles un eise eegene Fonctionnement geännert, fir d'Chamber méi effizient ze maachen, fir se méi attraktiv ze maachen, fir se och méi nolauschterbar no baussen ze maachen.

Mir hunn et fäerdegbruecht bis elo, ouni an där Aarbecht Majoritéit an Oppositioun dat Spill spillen ze loossen, géinteneen ze schaffen, mee mir hunn dat am gemeinsame Souci vun alle Parteien gemaach, fir datt dës Chamber och weiderhin den Zentrum vun der geliefte Demokratie soll sinn. An dofir wëll ech Iech och e perséinleche Merci soen an hannendru fügen: Well mer net um Enn vun deene Chantiere sinn, well nach eng ganz Rei Saache virun eis leien, géing ech mer just wënsche fir d'nächst Joer, datt mer kéinten an deem do Esprit, an deem Geescht, weiderfuere, op deem Plang zesummeschaffen, fir datt déi Institution Chamber, déi mer alleguer representéieren, sech ka moderniséieren, och kann de Rhythmus vun deem, wat dobauss geschitt, mathalen an och ka weiderhin dat demokratescht Liewen esou gestalten an esou begleeten, wéi et fir eist Land nützlich ass.

Ech wëll dann och dem Generalsekretär, dem Laurent Scheeck, deenen zwee Adjointé Benoît Reiter an Isabelle Barra an alle Mataarbechter aus der Verwaltung, de Fraktiounen, de Sensibilitéit villmools Merci soe fir déi wäertvoll Aarbecht an déi grouss Ënnerstëtzung, déi mir alleguer haten. Mir wëssen alleguer heibannen, datt mer ouni si, ouni all déi Collaborateuren, ouni hiert Engagement, ouni hir Aarbecht, eis Aarbecht iwwerhaupt net kéinte maachen. An dofir hu si, mengen ech, e grouse Merci an och e grousen Applaus, wann Der wëllt, vun Iech verdéngt.

(Applaudissements)

Ech wëll och der parlamentarescher Press Merci soen, déi net nëmme d'Bierger informéiert, mee déi och eis Handlung kritesch hannerfreet. Dat ass heiansdo méi komplizéiert, wann ee selwer concernéiert ass, mee ech mengen, an enger Demokratie awer eng absolut Selbstverständlechkeet an och eng Noutwendegkeet. An dofir och hinne villmools merci.

Ech wënschen Iech alleguer, Äre Familljen an all deenen, déi Der gär hutt, e puer Deeg Rou, schéi Feierdeeg an e flotte Joreswiessel. Passt op Iech op!

Une voix | Très bien!

(Applaudissements)

M. Claude Wiseler, Président | Här Spautz, Dir wollt nach eppes soen.

M. Marc Spautz (CSV) | Jo, merci, Här President. Ech wollt och vun der Geleeënheet profitéieren, Iech als President vun dësem héijen Haus Merci ze soe fir Ären Asaz an och fir déi Representatiounsflichten, déi Dir dagan, dagauss fir eis alleguer wouerhuelt. Dir hutt et ënnerstrach, mir hu verschidden Ännerungen am leschte Joer gemaach, a grouss Ännerungen stinn d'nächst Joer am Januar bevir.

Mir sollen d'Plenarsitzungen aneschtens organiséieren, wou mer jo dann net méi halleftaags tagen, mee ganzdaags tagen an dat an engem vill méi feste Rhythmus, wat och aner Aarbechsméiglechkeeten an aner Aarbechskonditiounen fir d'Deputéierten, awer och fir d'Personal a fir d'Mataarbechter vun de Fraktiounen mat sech bréngt.

Do bieden ech Iech just – Dir hutt gesot, fir déi Aarbecht weiderzeféieren –, do leien och nach Iddien a Proposen um Dësch, déi vun deenen eenzelne Fraktiounen komm sinn, wat de Statut vum Deputéierten ubelaangt, dass een dat dann och kann deem upassen, wéi ee sech elo déi nei Aarbechtsweis ginn huet, an dass mer och do am Laf vum Joer 2025 e Schrëtt an déi richteg Richtung solle maachen.

Iech, de Mataarbechter vun de Fraktiounen a vun der Chamber e grouse Merci fir dat, wat Der geschafft hutt a gelescht hutt an dësem Joer, an dass mer dann all zesummen d'nächst Joer nach all déi Projekte kënnen ugoen, déi am Interêt vun der Chamber sinn, vun der Representativitéit, egal ob Oppositioun oder Majoritéit, fir dass mer do nach méi performant kënnen schaffen, wéi dat bis elo de Fall war.

Villmools merci.

Une voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Villmools merci, Här Spautz.

(Applaudissements)

An da kritt nach d'Regierung d'Wuert, d'Madamm Ministesch fir d'Relatiounen mam Parlament.

Mme Elisabeth Margue, Ministre déléguée auprès du Premier ministre, chargée des Relations avec le Parlement | Wéi Der richteg beschriwwen hutt, géif ech dann och am Numm vun der Regierung nach eng Kéier réckbléckend Merci soe fir déi gutt Zesummenaarbecht, allen Deputéierten hei am Haus, mee och der Verwaltung vun der Chamber. Ech mengen, et huet gutt geklappt an d'Erausforderungen, déi Der virdrun an Ärer Ried beschriwwen hutt, Här President, a ganz richteg beschriwwen hutt, déi wäerten déi selwecht bleiwen am neie Joer, soudatt et och wichteg ass, datt mer weiderhi gutt zesummeschaffen, wann et och vläicht e bëssen an enger anerer Form ass. Mee ech sinn awer iwwerzeegt, datt mer dat wäerte kënnen maachen an engem Esprit constructif, an do freeën ech mech drop.

An da géif ech Iech natierlech nach am Numm vun der Regierung, zesumme mam Här Kolleeg Hahn, alles Guddes wënsche fir d'Chrëschtdeeg an e gudder Rutsch an dat neit Joer. An ech freeë mech dann, Iech rëm voller Energie am neie Joer hei erëmzegesinn.

Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Villmools merci, Madamm Minister.

(Applaudissements)

Domat si mer dann um Enn vun eiser Sëtzung ukomm. Déi nächst Sëtzung si fir den 21., 22. an 23. Januar virgesinn.

Éier ech d'Sëtzung ophiewen, wëll ech awer nach soen, datt e kleng Patt donidde virgesinn ass fir d'Enn vum Joer.

Plusieurs voix | O!

M. Claude Wiseler, Président | An da géing ech d'Sëtzung ophiewen.

(La séance publique est levée à 14.39 heures.)